

huet: En ass dofir do, fir ze probéieren, Litiges collectifs ze léisen, an dat, wann et ëm Aarbechtskonditiounen geet. En ass zweetens dofir do, fir Litige-collectiften ze regelen, wa se net zu engem Kollektivvertrag oder zu engem Accord collectif virdru gefouert hunn. An da gëtt en nach verschidden Avisen of, wat d'Obligations générales vun de Conventions collectives ugeet, oder „Accords en matière de dialogue social national ou interprofessionnel“. Dir wësst, dass mer där och eng ganz Rei hunn.

Déi Litigen, déi virum Office national de la conciliation kënnen bruecht ginn, kënnen zwou verschidden Ursachen hunn oder kënnen op zwou verschidde Saachen zrëckgeféiert ginn: éischtens eng Kéier op d'Défense vun de Rechter, déi een de Moment huet, oder wann nei Rechter sollen opgoen. Dat ass ganz dacks eebe bei Revendications salariales. Et ass awer och bei Introductionne vu Primmes oder och Augmentations salariales, oder awer och, wat d'Reduktioun vun der Aarbechtszäit zum Deel ugeet.

Den honorabelen Deputéierte Spautz huet mech gefrot, wéi et am Moment an der Situatioun ausgesäit. Bon, et muss ee wëssen, dass am Moment d'Conciliatioun jo nach leeft. Si haten dräi Reunioenen. De 7. Juli soll déi nächst Reunioen sinn. An ech krut gesot, dass déi Verhandlung ganz gutt lafen an dass och nach keng Decisioun do getraff ass.

Dir wësst, d'Conciliatioun – d'Wuert seet et – ass eng Schlichtung. An déi si ganz independant! Déi hunn dat ze maachen, ouni dass do de Minister interveniert, wat och ganz richtig ass, a wou ech mech dann och net wäert zu deene Proposen äusseren. Ech fanne et schued, wann do schonn ee vun de Partner, deen an der Conciliatioun ass – an ech soen et nach eng Kéier: et ass eng Schlichtung, wou probéiert gëtt, eng Léisung ze sichen –, seet: „Ech hale mech net drun.“ Dat géif ech hei schonn emol als schued qualifizéieren.

Nach ass et esou, dass de Minister sech net an d'Aarbecht vum Office national de conciliation wäert amëschen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. Domat si mer um Enn vun der Froestonn ukomm.

7. Dépôt de six propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Roy Reding

An ech géif elo d'Wuert ginn un den honorabelen Här Roy Reding fir den Depot vun enger Rei Chamber-reglementsännerungen. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Roy Reding (ADR), auteur | Jo, merci, Här Président. Léif Kollegen, en vue vun der Akraaftriedung vun der neier Constitutioun ware mer souwuel an der Institutionskommissioun wéi och an der Reglementskommissioun fläisseg an hunn e puer Projeten ausgeschafft, déi mer haut kënnen deposéieren. Ech faasse mech ganz kuerz. Dir wäert den Detail jo da kënnen liesen.

Dat eent ass eng Modifikatioun iwwert d'Vérification des pouvoirs. Wat do besonnesch nei ass, ass, datt elo e Recours virun der Cour constitutionnelle méiglech ass.

Da kënn e Changement vun der Reglementatioun, wat d'Disziplin vun den Deputéierten ugeet, besonnesch och en vue vun deenen Dokumenter, déi mer elo kënnen vun der Regierung froen an déi kënnen als confidentiel agestuft ginn.

Dat Drëtt ass eng Modifikatioun vum Règlement vun der Police vun der Chamber, wou dem Président seng Pouvoirs, souwuel vis-à-vis vun de Leit op der Tribün wéi och vis-à-vis vun eisen Invitéé vum Gouvernement, prezisiéiert ginn.

Da gëtt et e véierten Text, wou ganz vill technesch Upassungen sinn, virun allem well Wieder geännert hunn, well Saachen haut anescht heesche wéi virdrun.

Dann hu mer e fënneften Text iwwert d'Travaux parlementaires.

A schliisslech e sechsten iwwert d'Intérêts financiers an d'Conflits d'intérêts vun den Deputéierten.

All dës Texter wäerten nach virun der Summerpauze hei gestëmmt ginn.

8249 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts

8244 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la vérification des pouvoirs

8247 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés introduisant une série de modifications techniques

8248 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux travaux parlementaires

8246 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la police de la Chambre des Députés

8245 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la discipline

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Reding.

8. 7885 – Projet de loi portant mise en place d'un mécanisme de filtrage national des investissements directs étrangers susceptibles de porter atteinte à la sécurité ou à l'ordre public aux fins de la mise en œuvre du règlement (UE) 2019/452 du Parlement européen et du Conseil du 19 mars 2019 établissant un cadre pour le filtrage des investissements directs étrangers dans l'Union, tel que modifié

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7885 iwwert d'Aféierung vun engem Filtermechanismus virun direkten auslänneschen Investitiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Wéi Der richtig gesot hutt: Mir stëmmen haut d'Gesetz iwwer auslännesch Direktinvestissemter – op Franséisch „Investissements directs étrangers“. Gemengt si selbstverständlech domat Investissemter aus Drëttstaaten, also baussent dem europäesche Wirtschaftsraum.

Déi Investissemter generéiere Wuesstum, schafen Aarbechtsplazen a férdere och d'Innovatioun. D'Euro-

päesch Unioun an och Lëtzebuerg si jo oppen Ekonomien, déi auslännesch Direktinvestissemter ausdrécklech begrëssen. Besonnesch hei am Land leeë mir jo do ganz grouse Wäert drop.

Et gëllt allerdéngs sécherzestellen, dass dës auslännesch Direktinvestissemter reng ekonomesch motivéiert sinn an net riskéieren, d'Europäesche Unioun oder eist Land a problematesch Ofhängegkeeten ze bréngen.

Iwwert déi lescht 15 Joer sinn déi auslännesch Direktinvestitiounen a kritesch Schlüsseltechnologien an a strateegesch wichteg Infrastrukturen an der Europäescher Unioun staark an d'Luucht gaangen. Bedenklech gëtt et, wann d'Investissemter vun Entreprisë kommen, déi ëffentlech sinn oder an enger Relatioun zu Regierungen aus Drëttstaate stinn an eventuell eis national Sécherheet kéinten a Gefor bréngen oder och eis Autonomie kéinten a Fro stellen.

E bekannt Beispill ass hei den Hafe vu Piräus, deen 2016 vun enger chineesescher Entreprise opkaaft ginn ass an d'Diskussioun lassgetréppelt huet iwwert d'Risiken, déi bestinn, wann esou wichteg Verkéiersknet tëscht Europa an Asien net méi an europäescher Hand sinn.

Entre-temps huet d'Pandemie eis och gewisen, wéi wichteg strateegesch Autonomie a Krisesituatiounen ass. Ganz an dësem Sënn huet de Jean-Claude Juncker als Kommissiounsprésident am Hierscht 2017 a senger Ried zur Lag vun der Natioun ugekënnegt, en neie Kader auszeschaffen, fir méi Kontroll ze kréien iwwert d'Investissemter, déi an d'Europäesche Unioun erakommen an déi riskéieren – ech soen elo mol –, schiedlech ze sinn. Et sollt e sougenannten „investment screening“ agefouert ginn.

Op déi Ukënnegung ass och séier e Règlement komm. Am Abrëll 2019 ass d'Reglement ukomm, dat e Kader setzt, fir d'Investissements directs étrangers an der EU kënnen ze filteren. D'Reglement schafft e Kader fir e Kooperationsmechanismus tëscht de Memberstaaten an et erméiglecht och, datt d'Memberstaaten en nationale Mechanismus fir d'Filteren vun auslänneschen Direktinvestissemter aféieren.

De Kooperationsmechanismus gesäit vir, datt e Memberstaat, deen decidéiert, en auslännesch Direktinvestissemter ze filteren, automatesch déi aner Memberstaaten an och d'Kommissioun muss doriwwer informéieren. Eng Partie Dispositiounen fir den Informationsaustausch ginn hei festgeluecht, fir datt ee Memberstaat bei engem aneren Informatiounen zu engem auslänneschen Direktinvestissemter ufroe kann. Dese Kooperationsmechanismus gëtt iwwerens am Hierscht vun dësem Joer evaluéiert.

Här President, de Projet de loi 7885, ëm deen et elo hei geet an deen de 15. September 2021 deposéiert ginn ass, setzt also op Basis vum europäesche Règlement en nationale Filtermechanismus fir auslännesch Direktinvestissemter an.

Ier ech awer méi genee op de Projet de loi aginn, wëll ech ernimmen, datt de Kolleg Claude Wiseler schonns e gutt Joer virdrun, am Juni 2020, eng Proposition de loi mat genee deem selwechten Objet deposéiert huet. Seng Proposition berëfft sech op dat selwecht Règlement an huet dowéinst ganz vill Usätz, déi d'selwecht oder ganz no sinn um Gesetz, dat mir haut stëmmen. An duerz fir wéilt ech op dëser Plaz dem Claude Wiseler villmools Merci soe fir seng Beméiungen an déi Diskussiounen, déi mer och doriwwer an der Kommissioun konnte féieren. Sāi Wunsch war et, an dësem Dossier virunzekommen. An dat deele mer mat him.

Fir op de Projet de loi zrëckzekommen, ass et fir d'éischt wichteg ze wëssen, wéi eng Investissemter

beträff sinn. En Investissement ka gefiltert ginn, wa verschidde Konditioneuren erfüllt sinn:

Éischtens, et ass en auslännescht Direktinvestissement. Also et kënn vu baussent dem europäesche Wirtschaftsraum.

Zweetens, et betrëfft bestëmmt kritesch Aktivitéitsberäicher, déi susceptibel sinn, déi ëffentlech Sécherheet oder déi ëffentlech Uerdnung a Gefor ze bréngen. D'Oplëschtung vun alle Beräicher ass beim Artikel 2 vum Gesetz ze fannen. Zu deene kriteschen Aktivitéitsberäicher zielen zum Beispill den Energie- an den Transportsektor, d'Kommunikatioun, d'Gesondheet, d'Verdeedegung oder awer och nach d'Cybersécherheet.

Ech betounen hei gär, datt wierklech just Investissementer vun der Économie réelle cibléiert sinn, déi eng Gefor fir déi national Sécherheet duerstellen. De But ass, Investissementer ze verhënneren, déi en anert Zil verfolge wéi dat rengt kommerziell.

De Filtermechanismus funktionéiert an dräi Etappen.

Déi éischt Etapp besteet doran, datt en Investor den Ekonomiesminister iwwer säin Investissement notifiéiert, ier en et mécht. Dës Notifikationspflicht gëllt nëmmen, wann den auslänneschen Investor duerch dat Investissement iwwer 25 % vun de Stëmmrechter an domadder also d'Kontroll iwwert d'Aktivitéit vun der Lëtzebuergescher Entreprise oder Entitéit géif kréien.

Déi zweet Etapp ass d'Kontroll vum Ekonomiesminister. All notifiéiert Investissementer gi Fall fir Fall evaluéiert. Bei dëser Evaluatioun ass zentral, erauszefannen, wat d'Motiv vum Investissement ass an awéiwäit et kéint eng Gefor fir déi ëffentlech Sécherheet oder Uerdnung duerstellen. Et ginn dobäi eng ganz Partie Facteurs consideréiert, wéi den Aktivitéitsberäich, d'Struktur vun den Entrepreneuren, wou déi ekonomesch Aktivitéit stattfannen, den Ursprung vum Finanzement, oder nach den Accès zu kriteschen Informatiounen. Et kann och eng Roll spillen, ob déi Entitéit vun engem anere Staat kontrolléiert gëtt oder de Risiko besteet, datt e Lien zu illegalen Aktivitéiten besteet. Den Ekonomiesminister huet dann zwee Méint Zäit, fir eng Decisioun matzedelen.

Déi drëtt Etapp kënn nëmmen a Fro, wann en Investissement dann och schlussendlech soll gefiltert ginn. Filtere bedeit konkret, datt den Ekonomiesminister kann decidéieren, en Investissement ze stoppen oder d'Investissement just ënner bestëmmte Konditioneuren ze erlaben.

De Projet de loi gesäit Penalitéiten an Dateschutzreegele vir. A bestëmmte Fäll muss séchergestallt ginn, datt d'Confidentialitéit vun allen Informatiounen asuréiert ass. An enzele Fäll ass et dofir berechtigt, d'Informatiounsrecht hei anzëschränken. Dat gëllt allerdéngs nëmme fir Informatiounen, déi en Investor net selwer duergeluecht huet.

Am Text, deen deposéiert ginn ass, war virgesinn, datt e Comité interministériel soll déi Evaluatioun vun den Investissementer maachen. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 22. März zeejoert awer eng Opposition formelle op dëser Plaz gemaach, well et net konform zu der Verfassung wier, wann e Comité interministériel déi Kompetenze géif zougesprach kréien. Dofir huet de Comité interministériel misse aus dem Gesetz erausgeholl ginn, quitta datt e Comité ministériel da kann duerch en Arrêté grand-ducal awer en place gesat ginn.

De Staatsrot huet eis och drop opmierksam gemaach, datt eng gemeinsam Decisioun vun zwee Ministeren och net konform zu eiser Verfassung wier. Et war nämlech am Ufank geduecht, datt den Ekonomiesminister an de Finanzminister oder d'Finanzministesch

eng gemeinsam Decisioun sollten huelen, ob en Investissement gefiltert gëtt oder eeben net. Dofir ass herno decidéiert ginn, dem Minister, dee fir d'Économie zoustänneg ass, déi entspriechend Kompetenz eleng zouschreiwen.

Den 13. Februar 2023 goufen entspriechend Regierungsamendementen deposéiert. Kuerz drop, de 14. März, huet dann de Staatsrot a sengem Avis complémentaire dorobber reagiert. An dësem Avis sinn déi viregt Opposition-formellen alleguer opgehewe ginn – allerdéngs sinn och zwou nei Opposition-formellen erëm derbäikomm. Engersäits war et dem Staatsrot net kloer genuch, ob d'Strofe sech géifen op d'Stëmmrechter bezéien oder nëmmen op dat Investissement, dat derzou féiert, datt ee méi wéi 25 % vun de Stëmmrechter an enger Entreprise oder Entitéit huet. Anerersäits huet de Staatsrot gefrot, datt prezisiéiert gëtt, wéi eng Kategorie vun Donnéeën geformt a gespäichert ginn.

De 24. Abrëll ass de Projet an der aussepolitischen Kommission an an der Finanzkommission virgestallt ginn. An der aussepolitischen Kommission ass eis Aarbecht den 2. Mee virugaangen an d'parlamentaresch Amendementen goufen ugeholl, déi dem Staatsrot seng Forderung Rechnung droen.

Schlussendlech wëll ech nach ernimmen, dass eis Kommission eng ganz Partie Avisen zum Projet de loi behandelt huet. Dat waren: den Avis vun der ALIA, den Avis vun der ALFI, den Avis vun der Chambre de Commerce an zwee Avisen vun der Commission nationale pour la protection des données.

D'Kommission huet de Rapport de 7. Juni ugeholl. Nodrëglech sinn eiser Chamberadministratioun nach kleng Erreur-matérielles opgefall am Text, deen d'Kommission der Chamber haut proposéiert huet. Do ass direkt d'Prozedur ageleet ginn, fir se ze beheiven. De Staatsrot ass informéiert ginn, an déi Tippfeeler sinn an der Tëschenzäit all redresséiert ginn.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci. Merci, Här Président. Ech soen och dem Rapporteur Yves Cruchten villmools Merci fir säi Rapport a villmools Merci och fir seng léif Wieder.

D'EU a Lëtzebuerg sinn oppen Economien. Auslännesch Investissementer sinn hei zu Lëtzebuerg an an Europa wëllkomm. Se sinn och erwënscht. Dat soll och esou bleiwen! Mee op där anerer Säit dierfe mer awer och net naiv sinn. Mir sinn eng fräi Wirtschaft. An d'Zilsetzung vun eiser Économie ass, datt et an eiser Gesellschaft méi Wuelstand gëtt an datt mer méi Entwécklung kënnen maachen. Dat ass awer net fir all Land de Fall.

An deene leschte Jore gesäit ee ganz oft, datt ekonomesch Fakte benotzt ginn, aus anere Grënn wéi just reng ekonomeschen. Verschidden Entrepreneuren – haaptsächlech aus Drëttstaaten, ëfters staatlech gesteiert – maachen Investissementer an europäesch Firmen, an zwar fir de Contrôle dovunner ze iwwerhuelen, fir u sensibel Informatiounen ze kommen oder och nach fir mëttel- a laangfristeg domat Erpressungsmëttel op aner Länner ze kréien an hir Muecht auszeüben. Hei geet et net ëm Wirtschaft, hei geet et ganz oft ëm eppes aneres, eppes,

wat net ekonomesch ass, mee haaptsächlech ëm ekonomesch an ëm politesch Muecht.

Mir gesinn dat ganz oft, wéi op anere Kontinenter verschidde Regierungen esou an de Grëff vun anere Regierungen kommen, datt se net méi independant sinn, fir hir eegen Decisiounen ze huelen. Dofir mussen mer eis all Mogen ginn, fir kënnen op esou Situatiounen ze reagéieren.

D'EU huet 2019 en Text vum Conseil a vum Parlament guttgeheescht, wou e Kader gesat gëtt, fir e sougenannte „Filtrage“ vun den Investissementer ze maachen. A säitdem froe mir als CSV och d'Regierung, fir zu Lëtzebuerg esou e Kader anzeféieren. Laang Zäit si mer op daf Ouere gestouss. En fait froe mer dat säit 2018, wéi de fréiere Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider, zougelouss huet, datt 24,9 % vun Encevo duerch CSG – China Southern Power Grid – opkaaft ginn.

Mir fannen – déi Zäit an och haut –, datt dat eng strategesch falsch Decisioun war. Zur selwechter Zäit hu mer gemierkt, datt de Minister Peter Altmaier notament änlech Tentativ vu solche Firmen op däitsch Energienetzer, wéi 50Hertz, u sech kloer zrëckgewisen an empêcheiert huet. An dat selwecht mécht de Minister Habeck och nach haut.

An Europa gesäit een awer, datt awer konsequent esou Iwwernamen respektiv esou Presenzen a Conseil-d'administratione probéiert gëtt ze realiséieren. Mir hunn zum Beispill an Europa eng ganz Rei Häfen, vun deene chinesesch Firmen zu méi wéi 30 % Proprietär sinn: Genova, Marseille, Valencia, Bilbao, Le Havre, Rotterdam, Antwerpen, de Piräus an esou weider. Et kann ee se alleguer opzielen. An doraus entstinn natierlech eng ganz Rei Dependancen.

Dofir froe mer säit 2018 esou een Text. Dofir hunn ech och selwer 2020 eng Proposition gemaach, well aus dem Wirtschaftsministère vun der Regierung näischt komm ass, mat deene selwechten Zilsetzung wéi déi vun der EU-Kommission a wéi déi, déi elo an dësem Text stinn. Mir hunn net verstanen, firwat jorelaang am Fong eng Inaktioun vun der Regierung war. Mir hunn dat laangt Zögen net verstanen an de Refus vum Minister Schneider, fir esou en Text ze maachen.

16 Méint nom Depot vu menger Proposition de loi, déi ech am Numm vun der CSV gemaach hunn, ass du vum Minister Fayot endlech en Text deposéiert ginn – mat dem Minister Asselborn dobäi, well et en Text war, dee sech och ëm Aussepolitik bekümmert huet. Mee et geet eis net drëm, wéi säin Text elo gestëmmt gëtt oder net. Eis ass et haaptsächlech drëm gaangen, datt mer an deem heiten Dossier en Instrument fir Lëtzebuerg kréien, fir datt mer kënnen reagéieren, wann et noutweneg ass.

Lo soen ech just: Et gëtt awer zwëschen där Proposition, déi mir gemaach hunn, op der enger Säit, an dem Text, deen elo hei zum Vott virläit, e puer Ënnerscheeder. An ech wëll der dräi nennen.

Dat éischt, datt ass iwwert d'Chaîne de contrôle, déi an eiser Proposition méi kloer definéiert war. D'Chaîne de contrôle, dat ass, wann eng Firma sech an eng aner Firma akeeft, mee wann déi Firma, déi amgaang ass, anzekafen natierlech och an enger ganzer Chaîne vun anere Firmen geréiert gëtt respektiv beherrscht gëtt, kënnen och doduerch indirekt Kontrollsituatiounen entstoen. Dofir hätte mer eis gewënscht, datt déi Chaîne de contrôle méi kloer definéiert wär. Mir hunn déi Proposition gemaach, déi am franséischen Text stoung. A mir wäer frou gewiescht, wann déi och hei hätt kënnen iwwerholl ginn.

Dee wichtegsten Ënnerscheed, dat ass awer d'Definition vun deem, wat mer eng „Influence notable“

nennen. Wéini hues du do wierklech eng Influenz an engem Betrib? Dat gëtt hei op 25 % vun de Parte festgehalen, an deem Text. Mir waren der Meenung, datt et soll op 10 % vun de Parte festgehalen ginn, aus engem ganz einfache Grond: well ee scho mat 10 % vun de Parten an engem Conseil d'administration eng Rei Rechter huet, ee ganz oft domat kann e Member vun engem Conseil d'administration stellen oder un eng ganz Rei Informatiounen kommen. D'ailleurs wëll ech soen, datt virun e puer Joer an Däitschland vu 25 % op 10 % aus genau deem dote Grond erfrogefuer ginn ass.

An déi drëtt Differenz ass, datt déi Proposition eng kloer Definitioun virgesinn huet, wéi et am Finanzsektor sollt geregelt ginn. Mir hunn nämlech gesot, datt bei den Infrastructures critiques financières den Text vum Filtrage och sollt kënne spillen. Elo hei am Text ass dat, an eisen Aen, weesentlech méi limitéiert, andeem gesot gëtt: just bei „activités de la banque centrale ainsi que les infrastructures et les systèmes d'échange, de paiement et de règlement des instruments financiers“, wat weesentlech méi restreint ass. Mir hätten eis déi Definitioun vill méi large gewünscht.

Fir de Rescht si mer d'accord mat deem Text. Mir sinn d'accord mat der Prozedur. Mir sinn d'accord mat der Lëscht, déi hei ugefuert gëtt. Mir sinn och d'accord mat deene Sanktiounen, déi hei virgesi sinn. Mir stëmmen den Text, mir stëmmen e mat e bësse Regret, well mer hätten op verschiddene Punkte wëlle méi wäit goen, mee mir soen awer ganz kloer: Eis Prioritéit ass, datt elo en Text kënnt, datt d'Lëtzebuerger Regierung esou e wichtegt Instrument an de Grapp kritt, fir kënnen ze reagéieren, wann nach esou Tentative-de-reprisé kommen. Mir soen: Bei der nächster Geleechenheet kënne mer den Text jo och nach verbesseren.

Mir sinn nach wie vor – an domat wëll ech ophalen – och nach eng oppen Economie. Mir wëllen Investissementer hei op Lëtzebuerg, déi sinn erwünscht, mee mir sinn net naiv. Mir gesinn och, wat an der Welt haut virgeet, a mir wëllen eis do wéinst déi noutwenneg Instrumenter als Staat ginn, als Natioun ginn, der Regierung ginn, fir kënnen ze reagéieren an deem Fall, wou se et brauch. Well den Text hei deem entsprécht, wat zu 95 % an där Proposition, déi ech am Numm vun der CSV gemaach hunn, drasteet, zéien ech och hei ganz offiziell meng Proposition de loi zréck a mir stëmmen deen Text mat.

Merci.

(La proposition de loi 7578 de M. Claude Wiseler est retirée.)

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Et muss een emol direkt virausschécken: Wat wier dës Land ouni auslännesch Investoren? Wat géif eis Economie duerstellen, wa mer net auslännesch Kapital op Lëtzebuerg an all deene Joerzénge – muss ee soen – heihinnergezunn hätten? Mir hätte mat Sécherheet vill méi eidel Industriezonen. Grouss Kapitalgesellschaften wéi d'ARBED, haut ArcelorMittal, DuPont, Goodyear et j'en passe, déi wiere mat Sécherheet ni heihinner komm, mee déi hunn awer de Grondstee geluecht, fir datt aus deem Land hei e ganz wuelhabende Staat ginn ass. An net ze vergiesse natierlech och de Finanzsektor, deen derzou

bäigedroen huet, datt mir haut eeben déi staark Economie hunn, déi mir kennen.

Natierlech stellt sech dann an deem Kontext ëmmer d'Fro: „Wéi vill auslännescht Kapital brauche mer och an der Zukunft?“, an och: „Muss dat auslännescht Kapital net och vun ausserhalb der EU heihinner kommen?“ Et gëtt eng Rei Beispiller, déi dat ganz kloer beleeden. Jo, Lëtzebuerg muss weiderhin déi oppen Economie, déi et eeben ass, och duerstellen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg – et kann ee soen – zënter iwwer 150 Joer eng laang Industriekultur. Dat Land war u sech bal en agraart Land, dat relativ aarm war, huet sech awer haut zu engem héich industrialiséierte Staat entwéckelt, an dat ass och mat Sécherheet gutt esou.

Eis Gesellschaft huet sech och an deene leschte Jore ganz staark verännert. Dat huet natierlech och mat sech bruecht, datt d'Form vun der Kriminalitéit selbstverständlech och eng aner Struktur kritt huet. An d'Sécherheet vun engem Staat gëtt ëmmer méi fragill. Dat mierke mer bal reegelméisseg, wou Uschleiss sinn, wou terroristesche Attacken sinn. Glécklecherweis si mir hei zu Lëtzebuerg bis elo nach ëmmer do verschount bliwwen, mee et soll een och net naiv sinn.

Dann hu mir natierlech den Avantage, datt mir an enger Europäescher Unioun sinn – dat kann een net oft genuch soen! –, déi jo zënter 1957 funktionéiert, wou mir awer wierklech kënnen derzou bäidroen, datt mer gemeinsam Initiativen huelen, fir eebe gewësse Sécherheitsfroe kënnen och ze diskutéieren. Ech verweisen hei och op den Artikel 207 vum Traité, deen u sech dofir eng gutt Grondlag gëtt.

Haut stëmme mer e Gesetz, dat eng ganz grouss Wichtigkeet huet: Et geet ëm de Filtrage vun den IDEen. An och do ass, wéi gesot, d'Kooperatioun ënnert deenen eenzele Memberstaate ganz wichteg. E Land wéi Lëtzebuerg ass do einfach ze kleng, huet net déi Moyenen, fir sech selwer kënnen dergéint ze wieren. Natierlech muss ee soen: Mir beweegen eis hei an engem ganz delikate Beräich. Mir mussen och ganz vorsichteg do sinn. Ze séier ass och vläicht emol e Betrib zu Onrecht a Verdacht geroode an dofir ass et och, sou wéi dat jo och virgesinn ass, natierlech selbstverständlech, datt e Betrib, wann en accuséiert gëtt, Recoursrechter huet.

Ech wëll dann och hei op de Volet vum Späichere vun den Daten an op d'CNPD ze schwätze kommen, déi och gesot huet, datt déi perséinlech Date virun allem hei musse ganz kloer geschützt ginn. Eng wichteg Roll fält natierlech hei och dem Economiesministère zou, well jo ënner anerem e groussen Deel vun Delaie musse respektéiert ginn, zum Beispill wann en Investisseur eng Prozedur declenchéiert. Dofir menge mer och, datt dee Ministère muss awer och ekipéiert sinn, virun allem och um logistesche Plang, virun allem awer och um Plang vum Personal, fir déi Defie kënnen an Zukunft unzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, u sech ass dee Filtrage jo net direkt obligatoresch. Mir begréissen awer als Demokratesch Partei, datt Lëtzebuerg op dee Wee geet, datt mer esou e Mechanismus hei asetzen. Et däerf een natierlech net vergiessen, datt am Fokus jo och déi vill auslännesch Fonge stinn. A grad eis Economie funktionéiert jo op Basis vun deene ganz staarke Fongen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Praktesch all d'Secteur vum der Economie si jo hei betraff. Déi si jo och all eenzel am Gesetz opgezielt, dofir brauch een net méi dorobber anzegoen.

Et si jo och eng Rei Barriären agebaut. Ech wëll just op eng hiweisen: Zum Beispill wann en auslänneschen Investisseur, dee 25 % vun de Parten an enger

Lëtzebuergescher Entreprise huet, kann deen also temporär och säi Walrecht vum Ausseminister entzu kréien. Dat ass natierlech op eng Manéier schonn e gewëssenen Agréff an d'Liberté de commerce, mee op där anerer Säit, wéi gesot, muss och d'Economie, mussen och d'Betriben Bescheed wëssen, datt et awer och ëmmer Grenze gëtt, wéi ee sech u sech no bausse verhält.

Dann hunn d'Ministère jo awer och d'Méiglechkeet, eng Rei Oplagen ze octroyéieren. Iwwerhaupt fält an deem Gesetz hei de Ministeren eng grouss Responsabilitéit zou, mee wéi dat an engem Rechtsstaat awer ganz normal ass, datt awer och ka géint déi administrativ Decisiounen awer och selbstverständlech Recours ageluucht ginn.

Wéi gesot, ech wëll nach eng Kéier hei drop hiweisen, datt et fir eis als Demokratesch Partei awer trotz allem e wichtegt Gesetz ass, a mir stinn och dozou. An ech wëll och ofschléissend dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, nach eng Kéier Merci soen, fir eis awer gutt an déi komplex Matière agefuert ze hunn, a brénge selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Villmools merci, Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen natierlech och direkt dem Här Cruchten e grouse Merci fir säi ganz detaillierte Rapport, deen hien eis gemaach huet. An och mir soen, dass dës e ganz wichtige Projet ass, well et eeben drëm geet, eis Economie an eis kritesch Infrastrukture viru potenziell schiedlechen Investissementer kënnen ze schützen.

Et ass elo scho puermol gesot ginn: Mir sinn en oppent Land mat enger oppener Economie, an et läit eigentlech net an eiser DNA, Bremsen oder Kontrollen anzeféieren, wann et ëm Investissementer geet. Mee mir wëssen awer entre-temps, dass och Investissementer kënnen getäteg ginn, déi eis kënnen schueden, dat eebe besonnesch, wann et ëm kritesch Infrastrukture geet. An der Vergaangenheet war et vill méi einfach, tëscht de Beräicher vun der Economie an der Sécherheet ze ënnerscheeden, mee mam technologesche Fortschrëtt, dee mer elo kennen, do verschwammen déi Linne komplett. An d'Digitalisierung vu quasi allem an On-masse vun Datevolumen, déi zesummenkommen, dat féiert einfach derzou, dass quasi all Secteur kann och zu engem Sécherheitschallenge ginn.

Mir erënneren eis do u rezent Beispiller aus Däitschland, wou den Hamburger Hafe sollt opkaf ginn, mee och d'Beispill vum Hafe vu Piräus ass elo opgezielt ginn. Natierlech kann een och un Investissementer an eis Energieversuergung denken. Bon, mir hunn elo keng grouss Verdeedungsindustrie, mee och do an deene Beräicher hunn eis Nopeschlänner Dispositiounen agefuert.

Et geet awer och allgemeng ëm Wirtschaftsspionage, zumindest steet et esou och am Exposé des motifs. Do steet eeben dran, dass et eeben drëm geet, ze verhënneren, dass iwwer en Investissement kënnen Informatiounen acqueréiert ginn. Dës Erkenntnis huet sech u sech relativ schleefend breetgemaach. D'EU huet sech allerdéngs schonn e bësselche méi laang derhannert geklemmt, dass d'Memberlänner sech och déi néideg Moyene ginn, fir dass se e Screening kënnen maachen, an 2021 haten effektiv och schonn

zwee Drëttel vun den EU-Memberstaaten esou Dispositione gesetzlech verankert.

An der Lescht huet och eng Partie Länner, déi scho méi laang esou e Mechanismus hunn, hir Texter adaptéiert. Zum Beispill huet Frankräich de Seuil effektiv erofgesat, ab deem e Filtrage gefrot ass. An Däitschland huet dat selwecht gemaach a se hunn en plus nach prozedural Changementer agefouert, andeems nei Typpe vu Cas de figure derbäigesat gi sinn, virun allem am Beräich vun den neien Technologien. Natierlech gëtt et Änlecheeten tëscht de jee-weilege Gesetzgebungen, mee et gëtt och gréisser Ënnerscheeder, zum Beispill um Niveau vun den Delaien, vun de concernéierte Secteuren, vun de Prozeduren a sou weider.

Lëtzebuerg gëtt sech am Fong geholl mam Dag vun haut eréischt d'Méiglechkeet, esou e Screening anzeféieren – den Här Rapporteur ass am Detail dorobber agaangen –, a mir sinn effektiv ganz frou, dass mir mat dësem Text elo en éischte wichtege Schratt gemaach hunn, a wäerten deem natierlech och zoustëmmen.

Nichtsdestotrotz wéilt ech och op d'Diskussionen an der Kommissioun verweisen, wou mer iwwer verschidden Dispositione vum Text diskutéiert hunn. Dat eent war d'Fro, ob de Bankesektor hei matviséiert ass oder net. A wat kloer ass, ass, dass effektiv net all Bank zu Lëtzebuerg systemrelevant ass. Dofir ass de Bankesektor hei och net komplett matviséiert ginn am Gesetzestext. Et ass awer an der Kommissioun confirméiert ginn, dass den Text et géif hierginn, au cas par cas ze kucken, an am Fall, wou eng systemrelevant Bank viséiert wier, da kéint intervenéiert ginn.

Mir verstinn natierlech, dass mer eng oppe Finanzplaz hunn an dass et och e Wunsch war, ze evitéieren, hei Signaler auszesenden, dass mer hei wéilt vill méi restriktiv ginn, mee vläicht kéint Dir, Här Ausseminister, eis op deem Punkt nach emol confirméieren, dass mer déi Mainmise en cas de besoin tatsächlech hätten, och wann den Text de Finanzsektor eigentlech net matviséiert.

An déi aner Iwwerleeung, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, dat war déi vum Seuil vun de 25 %. Dee Seuil geet effektiv duer, wann een déi Fäll viséiert, wou et drëm geet, eng feindlech Übernam ze verhënneren, a mir sinn eis eens, dass dësse Projet de loi haaptsächlech deem dënge soll, nämlech fir kënnen de Contrôle duerch e feindlech gesënnten Acteur ze verhënneren. Et geet net forcement ëm Spionage, mee trotzdem schwätzt de Projet de loi d'Spionage och un, andeems e festhält, dass verschidden Investissemente just dofir duerchgefouert ginn, fir Accès ze kréien op Technologien, Informatiounen oder essenziell Services. An dann ass et effektiv d'Fro, ob déi 25 % duerginn. Hei hu mer gesot kritt, dass bei der Analys vum Terrain keng Entrepreneuren identifizéiert gi sinn, bei deenen een ex ante eng Participatioun wéilt ausschléissen.

Bon, natierlech ass et verständlech, dass ee versicht, en Equiliber ze behalen. Mee mir hunn an der Kommissioun och gesot kritt, dass mer, wann ee géif gesinn, dass mer eis Betriber mat deem Seuil vu 25 % net genuch geschützt géife kréien, da kéinten doriwirwider nodenken, legislativ nozebesseren.

Bon, an der Hoffnung dann, dass mer net deem nächst schon an déi Situatioun kommen, wou mer eis wënschen, haut e bësselche méi streng gewiescht ze sinn, ginn ech heimadder och den Accord vun eiser grénger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. Och merci un den Här Cruchten fir säi wirklech daitleche Rapport. Mir hunn d'Gesetz elo, mengen ech, fënnemol erkläert kritt. Ech ginn der-vun aus, dass jiddereen elo weess, wat drasteet, an ech wäert mech dann op e puer Punkte beschränken.

Deen éischten ass, dass mer selbstverständlech eng oppen Ekonomie wëlle bleiwen. An dat heiten ass och eng richtig Initiativ och an den Ae vun der ADR, fir Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger strateegesch Interesse besser ze protegéieren. Awer déi Bemerkungen, déi ech wollt maachen, sinn déi hei:

Éischstens, mir hunn haut schon e Problem a verschiddene Beräicher, och beim Staat, dass strateegesch wichteg Secteuren zum Deel och vun auslänneschen Investisseuren kontrolléiert ginn. Zum Beispill ass dat bei der Post de Fall. Ech mengen, do hu mer zum Deel elo schon e Problem a mir musse kucken, wéi mer dat iwwert déi nächst Jore redresséiert kréien.

Eng zweet Bemerkung ass, dass déi Investissemente ... Hei si jo haaptsächlech déi viséiert vu bausent der europäescher Wirtschaftszon. An déi Beispiller, déi mer dacks genannt kréien, si China oder aner. Dat sinn déi Länner, déi eis anscheinend am meeschte beschäftegen. Mee mir hunn och Partnerlänner vu Lëtzebuerg am nordatlantische Raum, déi kënnen Investissemente maachen, déi och fir eis strateegesch Bedeutung hunn, zum Beispill am Satellitensektor oder an anerem, wou mer och musse kucken, wéi mer déi Investissemente strukturéieren a wou wirklech och d'Interessie vun eise Land leien. Et ass also net ëmmer nëmme de Bléck a Richtung Osten, dee mer sollten hunn, mee et ass am Interessé vun eiser Ekonomie an och vun der europäescher Ekonomie ganz gutt a ganz interessant, och an aner Himmelsrichtungen ze kucken.

Dat Drëtt ass: Dëst Gesetz betrëfft net nëmme d'Sécurité publique, mee och den Ordre public. A wann ee vun Ordre public schwätzt, da muss een och Investissemente am A halen, wou et net nëmme drëm geet, fir eventuell Spionage ze bedreiwen oder Kontroll iwwer aner Betriber ze hunn, mee déi Notioun vum Ordre public geet méi wäit, an et wär dofir och interessant, zum Beispill Investissemente a Spyware oder an änlech Saachen och am An ze behalen. Well och do huet et an deenen Diskussionen, déi mer haten, heiansdo geheescht, mir hätten net déi néideg legal Instrumenter oder net den néidegen Iwwerbléck iwwer Firmestrukturen zu Lëtzebuerg, fir kënnen ze agéieren. Et ass also hei och vläicht en Usaz méiglech, fir iwwert dëst Gesetz dat ze redresséieren.

Déi nächst Observatioun ass, dass keen Effet suspensif hei virgesinn ass. Dat kann ee bei kriteschen Infrastrukturen hannerfroen. De Seuil vu 25 %, deen diskutéieren ech elo net nach eng Kéier, dat hunn all meng Virriedner gemaach. Mee ech wéilt just soen, dass mir als ADR eis och géifen uschléissen an enger eventueller Reevaluatioun vun deem Seuil.

Mir wéilten awer och iwwert d'Amendé schwätzen. Mir hunn hei Amenden, wéi d'Gesetz et seet, déi sech inspiréieren un der „lutte contre le blanchiment“ a „financement du terrorisme“. Dat sinn natierlech ganz schwéier Saachen, awer hei ginn déi applizéiert och am Fall vun enger Netobservatioun vun administrativen Prozeduren. An och do kann ee sech dann d'Fro vun der Proportionalitéit stellen. Wann et sécher och an dësem Kontext ka Saache ginn, déi solle schwéier bestrooft ginn, muss een awer kucken, dass een dat

elo net, wann ee bis esou eppes ageféiert huet wéi d'Notioun vun der „lutte contre le blanchiment“ oder dem „financement du terrorisme“, op eemol a ville verschiddenen Texter opdaucht, déi net direkt eppes mat deene Crimen oder incriminéierende Fakten ze dinn huet.

Dann eng lescht Observatioun – an dat hunn och scho Kollege genannt –: Mir musse kucken, dass de Champ d'application esou cibléiert ass, dass en eisen Interessen notzt an net eisen Interesse schuet; dat besonnesch, fir op Kommentare vun der Chambre de Commerce a vun eiser nationaler Fongenindustrie anzegoen, mee och dat ass schonn hei diskutéiert ginn.

Ënnert der Reserv vun deene Bemerkungen wéilt ech also och den Accord vun der ADR ginn an ech soen Iech villmools Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten dësse Projet de loi natierlech matstëmmen, well mir natierlech och der Meinung sinn, dass grouss Infrastrukturen an Acquisitiounen sollen enger effentlecher Kontroll ënnerleien. An ech wéilt besonnesch dem Här Wiseler seng Remarken deelen an ënnersträichen ënner anerem, dass dee Pourcentage vun där Influence notable eebe sollt u sech méi niddereg sinn, mee och déi aner Remarken zu der Chaîne de contrôle an och der Finanzplaz missen eiser Meinung no enger méi staarker Kontroll ënnerleien.

D'Sécherheet vun eiser kritescher Infrastruktur ass e gudd Grond, dat ze maachen, wat elo an dësem Projet de loi steet, mee mir kënnen eis awer och nach ganz aner wichteg Ursache virstellen, firwat Staate sollten esou grouss Investitiounen an Acquisitiounen ënnert d'Lupp huelen, ënner anerem zum Beispill ënnert dem Gesichtspunkt vu sozialen an ekologesche Krittären. D'Auswirkung vun enger Acquisitioun zum Beispill op d'Aarbeetsplazen oder op d'Salären oder och nach op d'Klima an d'Ëmwelt wäert fir eis nach eng gutt Ursach, fir eeben esou Acquisitiounen méi staark ënnert d'Lupp ze huelen.

Wéi gesot, fir eis ass dat heiten trotzdem ganz positiv. Mir géifen natierlech méi wäit goen, mee mir stëmmen dat ganz kloer mat.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, dat heiten ass en zweeschneidegt Schwäert, an dat gouf och well gesot. Engersäits ass et fir eng oppen Ekonomie wéi Lëtzebuerg gradewéi fir Europa wichteg, eis Betriber an hire Knowhow viru Spionage aus dem Ausland ze schützen. Gläichzäitig wëlle mer jo awer och Investitiounen ulackelen.

Bon, mir wëssen awer och, dass et Acteuren op dëser Welt gëtt, a China ass nëmme ee fir ze nennen, déi dofir bekannt sinn, dass se et mat deene Welthandelsorganisatiounsreegelen, och ronderëm d'Propriété intellectuelle, net esou genau, net ganz esou genau huelen, wéi mir eis dat u sech géife wënschen. An et gëllt gläichzäitig ze verhënneren, dass auslännesch Acteure kéinten d'Kontroll iwwer strateegesch wichteg Betriber huelen.

Elo muss ech soen, dass mer awer an der Vergaangenheet reegelméisseg hei zu Lëtzebuerg gesinn hunn,

datt mer och fräihänneg strateegesch wichteg Entreprises un auslännesch Investisseure ginn hunn. D'Encevo gouf genannt. Ech mengen, dat ass strateegesch wichteg, eise Stroumsreseau. D'Carlux kéint een nennen, wou iwwerseng nach ëmmer Landrechter fir en auslänneschen Investor hei zu Lëtzebuerg existéieren, déi e krut, well en deemools an den Deal mat eragaangen ass. En huet seng Parte méttlerweil verkaft, d'Landrechter awer gehalen, also de Filet gehalen. Da bei de Banke mussen mer guer net driwwer schwätzen. Do ware mer ganz frou, datt mer se gerett krute virun auslänneschen Investisseuren. Gläichzäiteg huet dat natierlech e ganze Rateschwanz mat sech bruecht.

Dat heescht, mir wëssen, mir sinn e Land, dat Foreign Direct Investment, wéi dat esou schéin heescht, den FDI, brauch, unzitt, jo heiansdo souguer bewosst siche geet. A gläichzäiteg brauche mer awer Moyenen och an der Politik, fir eis viru feindlechen Interventiounen ze schützen. A wa mer wëssen, datt Direktinvestissementer aleng 2021 ëm 39 % gewuess si weltwäit, da wësse mer, datt et definitiv eppes ass, wou ee muss en An drop halen.

FDIe sinn och gläichzäiteg enk mam Fongesecteur verbonden, dofir kéint deen dovunner beträff sinn. Et ass awer esou, datt de Risiko an eisen Ae relativ kleng ass, vu datt d'Portefeuillesinvestitiounen erausgeholl sinn.

An dann awer eng lescht Nott vläicht: Mir mussen eis bewosst sinn, datt dat heite vill Manpower wäert brauchen. Dat heiten ass näischt, wou mer einfach nëmmen e puer Checkboxes hunn a wäerte soen: „Dat doten ass gutt.“ Mir hu gesinn, wéi komplizéiert et ass, fir hannernt méi komplexe Firmestrukturen ëmmer déi wierklech Investisseuren ze fannen. An et ass weltwäit méttlerweil e Sécherheitsrisiko, datt grad a Startupper „direkt indirekt“ investéiert gëtt. Wat mengen ech domadder? Ma datt den direkten Investisseur nach aus engem Land kënnt, wou mer soen: „Majo, dat ass guer kee Problem, deen dote soll bei eis investéieren“ – ech denken u London, ech denken u d'USA –, an datt um drëtten, véierten Niveau hannendrun den UBO (ndlr: Ultimate Beneficial Owner), also de Bénéficiaire effectif, op eemol awer e chinesesch Fong, eng chinesesch Entreprise ass, meeschtens eng Staatsentreprise, déi dat nëmme mécht, fir eeben un d'Propriété intellectuelle ze kommen, a guer net un där Firma, um Succès vun där Firma interesséiert ass. An dat ze iwwerpräiwen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat wäert e groussen Effort ginn.

Ech gesinn awer, datt dat heiten e sënnavollen Challenge ass fir unzegoen, an dofir wäerte mir Piraten dat och matdroen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Merci villmools, Här President. Also, ech géif mengen, dass all Interventiounen hei ganz seriö waren, ganz gutt waren an den Text explizéiert hunn, mee virun allem wëll ech dem Yves Cruchten, dem Rapporteur, villmools Merci soen. Et ass net esou evident, fir sech duerch den Text hei ze wullen, an et ass gutt Aarbecht gemaach ginn och an der Kommissioun, fir zu enger Konkursioun ze kommen.

Ech mengen, fir d'éischt ass jo d'Fro vum Signal, dat Lëtzebuerg mat der Adoptioun vun dësem Gesetz

wäert ausstralen. Et ass esou, dass mer nämlech an enger Zäit sinn, wou ee muss wëssen – a prett sinn –, dass et Firme gëtt, Investisseure gëtt, déi net nëmme méi lieue vun deem gudden ale „Wandel durch Handel“. Dir wësst, dat war d'Wuert vum Egon Bahr zur Zäit vum Willy Brandt, fir d'Ostpolitik ze maachen. Mee mir gesinn, dass ëmmer méi eng Rei virun allem Drëttlänner an de leschte Joren Investitiounen gemaach hunn, déi net nëmmen – oder guer net eigentlech – vu kommerziellen Interesse geleet goufen, mee déi deels derzou bäidroen, strateegesch Interesse vun anere Länner ze ënnergruewen.

Et war jo am Hierscht 2017, wou den deemolege President vun der Kommissioun, de Jean-Claude Juncker, fir d'éischt iwwert d'Schafe vun engem europäesche Kader geschwat huet, fir d'Memberlänner bei der Schafung vum internationale Filtermechanismus fir auslännesch Direktinvestitiounen ze encouragéieren, och op dee Wee ze goen. Bis ewell hunn 18 Memberstaaten, wann ech elo richtig informéiert sinn, de Mechanismus schonn ëmgesat, an et sinn der nach fénnef am Prozess. A mir konnten als Lëtzebuerg jo selbstverständlech net dobausse bleiwen. Mir hunn eis missen engagéieren, fir eis besser ze schützen an domadder och esou eis kollektiv Sécherheet besser ze schützen.

Dat ass ëmsou méi wichteg, well jo zanter enger Rei Joren ëmmer méi grouss international Tensiounen den internationalen Handel weesentlech beaflossen, an dat schéngt eréischt unzegoen, do si mer nach guer net op engem Enn. Handel baséiert op Vertrauen tëscht den Natiounen, a keng kommerziell Bezéiung, dat ass kloer, kann nohalteg sinn, wann dëst Vertrauen net do ass. Dofir wäert och elo d'Europäesch Kommissioun – an dat ass gutt – an den nächste Wochen eng Kommunikatioun iwwert d'wirtschaftlech Sécherheet publizéieren, an där se belichte, wéi d'europäesch Handelspolitik de Sécherheitsinteresse vun der Unioun besser Rechnung kann droen.

Et muss een och ënnersträichen, datt op europäeschem Niveau schonn nei Instrumenter jo geschafe gi sinn, wéi zum Beispill d'Instrument, fir géint wirtschaftlech Zwangsmoosname vun Drëttstaate virzegoen, fir Europa méi resilient ze maachen. Dir wësst, dass et do ee Beispill gëtt – ech brauch dat net am Detail ze explizéieren, Dir wësst dat –: Litauen a China. Do sinn effektiv Zwangsmoosname vu China op Litauen gesat ginn. An elo geet et drëm, mat deem neien Instrument, dat mer schafen an der Europäescher Unioun, dann och kënnen ze konterieren, fir dass d'Europäesch Unioun an esou engem Fall och ka Géigemoosname maachen.

Ech wëll och vläicht soen hei: Verschiddener vun Iech hu chinesesch Häfen an Europa ugeschwat. Ben, mir mussen wëssen, wou mer do hierkommen. Dat ass jo net d'Schold vun de Chinesen eleng. An der Wirtschaftskris, kann ech mech erënneren, hu sech europäesch Investisseuren immens zeréckgehalen. Ech denken nëmmen un d'Stroumnetz a Portugal. Dat ass vun de Chinesen iwwerholl ginn, an déi ware frou, dass se ee fonnt hunn, fir dat ze iwwerhuelen. Sou ass et och beim Hafe vu Piräus. Et ass net esou, dass iergendwéi een de Chinesen gesot huet: „Dir sollt dat elo maachen“, mee et ass keen Europäer agesprongen. Ech hoffen, dass mer bäigeléiert hunn an dass mer jo och genuch finanziell Kraaft an Europa hunn, fir dat och selwer kënnen an Zukunft unzegoen.

Gläichzäiteg wëll ech awer och nach ënnersträichen, datt mer beim Ausschaffe vun dësem Projet ëmmer drop Wäert geluecht hunn – an Dir hutt dat och alleguete gesot –, e Gläichgewicht tëscht de Sécherheitsinteressen an der traditioneller Oppenheet vun eiser Ekonomie ze fannen. A mir hu jo vun Ufank un

och mam Finanzministère a mam Wirtschaftsministère an och – dat ass hei vläicht nach net erwänt ginn, mee dat muss een och kënne soen – mam Service de renseignement zesummeschaffen, fir dass e Mechanismus op d'Bee gestallt gëtt, deen et de verschiddenen Acteure vum Lëtzeburger Staat wäert erlaben, konsensuell, konstruktiv zesummeschaffen. An d'Zil vun der Zesummenaarbecht wäert sinn, konstruktiv a pragmatisch Léisungen ze fannen, fir eis Sécherheet ze garantéieren, ouni awer d'Attraktivitéit – ganz kloer – vum Standuert Lëtzebuerg a Fro ze stellen. An hei ware souwuel de Staatsministère wéi och de Finanzministère an de Wirtschaftsministère bereet, fir mat eis do zesummeschaffen als Ausseministère an dat Bescht méiglech erauszuschleien.

Ech wëll och dem Här Wiseler selbstverständlech e grouse Merci soen. Hien huet effektiv ganz fréi déi Initiativ, seng Initiativ ergraff gehat. Dir wësst, dass 2019 eréischt d'Reglement komm ass. An déi Denkestéiss, déi hie gemaach huet, ware scho wichteg an nützlich, och fir herno richtig zu engem konkreten Text ze kommen. Bon, hien huet selwer déi Nuancen opgezielt. Ech wëll vläicht der zwou erwänen. Bon, 25 %, 10 %. Mir si bei 25 % elo bliwwen, an ech ginn Iech och hei d'Wuert am Numm vun der Regierung, dass, wann ee gesäit, dass dat ze vill ass, ee kann dat do nobesseren.

An ech wëll och nach eng Kéier e Wuert soen iwwert de Finanzsektor. Dir wësst, dass mer am Finanzsektor e Contrôle hunn. A vläicht fir am Detail e puer Wuert driwwer ze soen: Déi systeemrelevant Banken, wat sinn dat fir eng zu Lëtzebuerg? Dat ass d'Spuerkeess – wann ech nach esou dierf soen –, d'Banque et Caisse d'Épargne de l'État, d'Interbank, d'Banque générale BNP Paribas, Clearstream Banking SA an dann RBC Investors Services Bank SA an dann och d'Société générale Luxembourg. Déi si consideréiert als systemesch Banke bei eis. Do gëtt et e Gesetz vun 1993, dat déi relevant europäesch Direktiven ëmsetzt. Do brauch jiddereen, deen eng méi signifikant Participatioun un enger Bank hält, fir d'éischt d'Autorisatioun vun de Bankesurveillance, also der Europäescher Zentralbank an och da vun der CSSF, déi implizéiert ass, fir dat nozekucken. Ech mengen, souwuel d'Honorabilitéitskriterien wéi d'Intégritéitskriterien a sou weider, déi sinn op där Plaz, wat d'Finanzplaz ugeet, a gudden Hänn, soudass do e gudde Contrôle gemaach gëtt.

Bon, fir ofzeschleisse wëll ech nach ënnersträichen, dass dësen Text de Betriber och déi néideg Rechtssécherheet gëtt, déi se brauchen, fir Lëtzeburger Investitiounen mat Vertrauen duerchzuféieren. D'Ekip vum Wirtschaftsministère huet schonn elo mat de Preparativen ugefaangen, fir d'Entreprises an hiren Demarchen ze ënnerstëtze vum éischten Dag un, wou dat Gesetz elo a Kraaft trëtt.

Anerersäits wëll ech och zu Protokoll ginn, dass d'Gesetz et eis wäert erlaben, déijéineg ze sanktionéieren – dat wësst Der, et ass e speziellen Alinea dran –, déi d'Gesetz wëllen ëmgoen, an de Champ d'application vum Gesetz couvriert eng Rei vu Secteuren a vun Aktivitéiten. An op dëser Basis gesäit en Investisseur am Virus, ob seng geplangten Investitioun sécherheitsrelevant ass oder net. Et wäert e System vun Notifikatioun op d'Bee gestallt ginn, deen et den Autoritéite wäert erlaben, en Tri ze maachen tëscht Investissementer, déi gefiltert mussen ginn, an aneren, déi problemlos sinn, soudass mer, mengen ech, wat d'Ëmsetze vun dësem Règlement ugeet, dat Richteg maachen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Ausseministère. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7885. Den Text steet am Document parlementaire 7885⁹.

Ech wollt Iech drop hiweisen, datt an den Artikelen 4, 8, 9 an 11 sechs Trackchanges nach hu missen ewechgeholl ginn. Am Artikel 4 ass et eng „5“, déi nach duerchgestrach war. An an den Artikelen 8 an 9 sinn dat jee weils zwee „s“, déi duerchgestrach waren, an am Artikel 11 een „de“, deen ennerstrach war. Mir stëmmen elo iwwer dësen Text ouni dës Trackchanges of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7885 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

9. Mots de bienvenue

Bevor wir zum nächsten Punkt der Tagesordnung kommen, erlauben Sie mir, unsere Freunde der Vereinigung ehemaliger Mitglieder des Landtags Rheinland-Pfalz zu begrüßen. Seien Sie herzlich willkommen in der Abgeordnetenversammlung in Luxemburg! (Applaudissements)

10. 7787 – Projet de loi relatif à la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/821 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 fixant des obligations liées au devoir de diligence à l'égard de la chaîne d'approvisionnement pour les importateurs de l'Union qui importent de l'étain, du tantale et du tungstène, leurs minerais

et de l'or provenant de zones de conflit ou à haut risque

Mir kommen elo zum Projet de loi 7787, der Ëmsetzung vum engem europäesche Règlement, dat Obligatiounen fir d'Importateure vun 3TG fixéiert, wann déi aus enger Konfliktzon stamen.

An de Rapporten vum dësem Projet de loi ass nach eng Kéier den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Und aus Respekt vor den Kollegen da oben werde ich versuchen, etwas langsamer Luxemburgisch zu sprechen. Vielleicht könnten Sie dann verstehen, um was es heute geht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Zwangsarbeit, Kannerarbeit, d'Finanzéiere vum arméierte Gruppen, Geldwäsch, Korruptioun a sëlleg aner kriminell Aktivitéite sti ganz heefeg a Verbindung mat sougenannte Konfliktmineralien. Dofir ass am Mee 2017 um europäeschen Niveau e Règlement zu dëse Konfliktmineralien zustane komm, dat den 1. Januar 2021 a Kraaft getrueden ass. Konkreet geet et hei drëms, sécherzestellen, dass Importateure vu Konfliktmineralien déi international Standarde vum der OECD erfüllen.

Déi betreffen Entreprisë müssen eng Partie Virkéierungen huelen, fir sécherzestellen, datt déi importéiert Konfliktmineralien net aus sougenannte Konfliktzone kommen. Si müssen notament och eng Liwwerkettepolitick aféieren a ginn derzou ueghealen, d'Risiko vum hiren Liwwerketten ze evaluéieren. Entsprechend mussen si Strategien en place setzen, fir eventuellen negative Konsequenzen dovunner entgéintzewierken. De Rapport mat dësen Informatiounen müssen d'Entreprise op hirem eegenen Internetsite publizéieren.

Als Konfliktmineralie gëlle véier Mineralien, déi am heefegste mat Gewalt a Verbindung stinn: Dat sinn den Zënn, den Tantal, de Wolfram an d'Ärzer aus dëse Metaller, gradewéi d'Gold. Weinst hiren engleschen Nimm „Tin“, „Tungsten“, „Tantalum“ a „Gold“ gëtt am Sproochgebrauch „3TG“, „Dräi-TG“, gesot. Dës wäertvoll Mineralie ginn net just fir Bijou benotzt, mee stellen och dacks eng essentiel Komponent duer vum Handyen, Computeren an aneren techneschen Apparaten.

D'Zil vum Règlement ass, de Lien tëscht de Mineralien an der illegaler Exploitatioun, den arméierte Konflikten an de Mënscherechtsverletzungen effektiv ze brieche. Et soll och dozou féieren, d'Ausbeutung vu lokale Communautéiten ze stoppen an d'Situatioun vu Minnenaarbechter souwéi déi lokal Entwécklung an de betraffene Regione laangfristeg ze verbesseren. Dofir brauchen déi zoustänneg Autoritéiten och déi néideg Pouvoiren, fir kënnen sécherzestellen, datt Entreprisë sech beim Import vum den 3TG an d'Europäesch Unioun och un d'Reegelen halen.

Do komme mir bei de Projet de loi 7787, deen den 10. Mäerz 2021 deposéiert gouf. Dëse Gesetzesprojekt ass fir déi national Ëmsetzung vum europäesche Règlement noutwenneg a betrëfft déi Entreprene, déi déi 3TG a gewësse Quantitéiten hei a Lëtzebuerg importéieren. Obschonn d'Reglement direkt applikabel ass, sinn eng Partie national Bestëmmungen ze definéieren. Am Gesetzesprojekt ginn den Ausseministère an och d'Douane als zoustänneg Autoritéiten designéiert, fir déi néideg Kompetenzen ze kréien,

fir Entreprene, déi 3TG a bestëmmte Quantitéiten importéieren, effektiv ze kontrolléieren. D'Entreprise muss och der Douane all déi noutwenneg Informatiounen kënnen weisen an zur Verfügung stellen.

Hei wëll ech och gär soen, datt mir an der Kommissioun erkläert kritt hunn, datt den Ausseministère op sengem Internetsite d'Rapporte vum den Entreprene, an deenen d'Liwwerkettepolitick erkläert ass, wäert verlinken, fir der Zivilgesellschaft an de Konsumenten eng méiglechst gutt Iwwersiicht ze ginn.

De Projet de loi gesäit Measure-correctiven an och administrativ Sanktiounen vir. D'Strofe kënnen tëscht 10.000 an 100.000 Euro leien. Dateschutzdispositiounen si selbstverständlech och virgesinn.

De Projet ass de 15. Juli 2022 eng éischt Kéier amendéiert ginn, fir eng Partie Präzisierungen ze maachen, an de Staatsrot huet de Projet de 25. Oktober 2022 aviséiert; do gouf et eng Partie Oppositionen formelles. Op enger Rei Plaze ware am Text Formulatiounen, déi net exakt dem europäeschen Text entsprach hu respektiv et waren och bestëmmt Dispositiounen dran, bei deenen de Staatsrot fonnt huet, de Projet de loi wär méi restriktiv. Eis national Legislatioun muss evidentereis awer mat der europäescher Legislatioun iwwereneenstëmmen, a fir deem Rechnung ze droen, sinn de 27. Februar vum dësem Joer eng zweet Kéier Amendementen vum der Regierung erabruucht ginn. Kuerz drop, de 14. Mäerz, huet de Staatsrot säin Zousazavis ginn, deen du positiv war. De Projet ass den 8. Mee an der aussepolitischer Kommissioun virgestallt ginn. An der selwechter Sitzung sinn ech Rapporten genannt ginn an de Rapport ass an der Kommissiounssitzung d'lescht Woch, de 5. Juni, uegheoll ginn.

Ech ginn nach gär ganz kuerz op d'Avisen an, déi zu dësem Projet eragereecht goufen. Dat ass als alleréisch emol den Avis vum der Mënscherechtskommissioun vum 9. November 2021. Si geet hei och detailléiert op dat europäescht Règlement an. D'Mënscherechtskommissioun hieft enner anerem ervir, datt d'Envergure vum Règlement limitéiert ass; engersäits, well et sech op den 3TG beschränkt, an et och aner Metaller a Mineralie gëtt, déi a Verbindung mat Konflikten stinn; anerersäits, well eng Entreprise eréischt vum Règlement betrëfft ass, wa se eng bestëmmt Mindestquantitéit vum deene Mineralien importéiert. Vu datt et sech ëm e Règlement handelt, hu mir als Lëtzebuerg eng kleng Marge de manoeuvre fir eist nationaalt Gesetz. D'Envergure vum Gesetz, déi betraffe Metaller a Quantitéiten sinn eebe vum europäeschen Niveau virgeschriwwen.

Ausserdem huet d'Mënscherechtskommissioun drop gehalen, datt d'Lescht vum de betraffenen Importateuren effentlech publizéiert gëtt, fir datt d'Autoritéiten, awer och d'Zivilgesellschaft, d'Konsumenten an eventuell souguer betraffen Affen vu Mënscherechtsverletzungen Accès dorop kéinten hunn. Hei verweisen ech nach eng Kéier op déi Säit vum Ausseministère, déi op d'Rapporten zu de Liwwerkette vum de jeeweiligen Entreprisë verlinkt. D'CCDH huet och eng Partie Froen gestallt zu der Datespäicherung an doriwwer, wat geschitt, wann ee sech net un d'Reegelen hält. Zanter dem Avis vum der Mënscherechtskommissioun ass den Text zweemol amendéiert ginn an do sinn dann effektiv och eng Partie Saache kloergestallt ginn.

Da gouf et nach dräi Avisa vum der Chambre de Commerce a vum der Dateschutzkommissioun; dee leschten ass eis den 19. Abrëll dëst Joer zougestallt ginn. Fir den Detail verweisen ech hei op mäi schrëftliche Rapport.

Alles an allem war dat Gesetz ganz laang ennerwee, och wa mer eis bei eiser Aarbecht an der